

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet an un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

D'Daachorganisatioun vun der Policegewerkschaft SNPGL an der Arméisgewerkschaft SPAL, also de Syndicat professionnel de la Force publique (SPFP), hat den 3. Februar 2022 seng Assemblée générale vum Conseil des Délégués. Am Géigesaz zu de Jore virdrun haten d'Polizisten an d'Zaldoten, déi eng "obligation syndicale" hunn, dës Kéier keng "dispense de service" vun hirem jeeweilege Minister krut, fir un dëser wichteger Versammlung deelzehuelen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Ministeren:

- 1) Aus wéi enge Grënn ass dës "dispense de service" dëst Joer net accordéiert ginn? Ass dës Entscheedung mat de Verantwortleche vu Police an Arméi ofgeschwat ginn?
- 2) Denkt d'Regierung drun, fir dës Dispens d'nächst Joer erëm ze accordéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser, Deputéierten

